



**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5907 vum 9. Mäerz 2022 vum honorabelen Deputéierten Här André Bauler.**

Ass d'Madamm Ministesch informéiert iwwer d'Ännerungen, déi d'Weelzer Klinik solle betreffen? Wa jo, wéi soll d'Konzept vun esou enger Dagesklinik ausgesinn?

Den Gesondheetsministère huet keng Informatiounen iwwert Ännerungen am Besuch op d'Fro vum honorabelen Deputéierten. Wann Ännerungen géifen kommen missten déi am Rahmen vum Spidolsgesetz an den Autorisatiounen vun den Services hospitaliers ugefrot gin an autoriséiert gin. Am Senn vun engem effizienten Bedreiwen vun den stationären Better am Bereich Chirurgie ass um Site Wolz niewend dem Hôpital de jour mat 10 Plazen d'Unité stationnaire vun Méindes bis Freides op.

Wat géif d'Schafung vun enger Dagesklinik fir den Urgencendéngscht an der Weelzer Klinik bedeiten? Wäert dee weider oprecht erhale kënnen ginn?

D'Poliklinik um site Wolz ass all Dag vun 7 bis 19h, och Weekend an Feierdeeg, fir ambulante Patienten op.

Wéi gesäit d'Madamm Minister d'Zukunft vun der Weelzer Klinik? Wat muss ënnerholl ginn fir datt dee beschtméiglechen Zerwiss um Klinikstanduert Wolz am Déngscht vun de Patienten aus dem ländleche Raum garantéiert ka bleiwen?

Am Senn vun enger optimaler medizinescher Versuergung vun der Bevölkerung ass et dem Gesondheetsminister wichteg dass d'Verdeelung vun den Servicer um Site Ettelbreck an Site Wolz effizient organiséiert ass an dass d'Komplementaritéit teschend den zwee Servicer souwuel am Senn vun der Secherheet vum Patient wéi och der Organisation vun der Prise en charge médicale an soignante beschtméiglech réaliséiert gett.

Wéi een Impakt wäert d'Ëmwandlung vun der Weelzer Klinik an eng Dagesklinik op den Ettelbrécker Site vum Centre Hospitalier du Nord hunn?"

Wéi an der Fro 1 beschriwwen ass dem Gesondheetsminister keen Projet an deem Senn ennerbreet gin.

Lëtzebuerg, den 20. Abrëll 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert